Start-ups stäerken, Innovatioun erméiglechen

Jonk Entreprisen encouragéieren, Risiko belounen an d'Zukunftstechnologie fräisetzen

Résumé

An engem wirtschaftlechen Ëmfeld, dat ëmmer méi vun Innovatioun, Digitaliséierung a séierem technologeschem Wandel gepräägt ass, spille Start-ups an Entrepreneuren eng zentral Roll fir d'Attraktivitéit, d'Kompetitivitéit an d'Nohaltegkeet vum Standuert Lëtzebuerg ze stäerken. Gläichzäiteg gesäit sech eng nei Generatioun vun Entrepreneuren nach ëmmer mat ze villen administrativen, fiskaleschen a juristeschen Hürde konfrontéiert, déi net méi der Realitéit vun enger moderner Wirtschaft entspriechen.

D'CSJ ass der Iwwerzeegung, datt de Staat net dierf als Brems, mee muss als Facilitateur fir Entreprenariat handelen. Risiko, Innovatioun an Eegeninitiativ mussen encouragéiert an net bestrooft ginn. Eng modern Wirtschaftspolitik muss sech dofir grad och un de Besoine vu jonken Entreprisen orientéieren, an de legale Kader konsequent vereinfachen an digitaliséieren.

Exposé des motifs

Déi virleiend Propositioune verfollegen d'Zil, de Standuert Lëtzebuerg nohalteg als innovativ, entrepreneuriell a kompetitiv Wirtschaftsplaz ze stäerken. An enger Zäit vu wirtschaftlecher Transformatioun, digitaler Beschleunegung a globaler Konkurrenz ass et essentiell, de gesetzlechen, fiskalen an administrativen Kader esou auszestalten, datt Eegeninitiativ, Risikobereetschaft an Innovatioun net gebremst, mee gezielt gefërdert ginn. Duerch eng méi attraktiv Ausgestaltung vum Statut vum Indépendant, inklusiv enger Reduktioun vun der fiskaler a sozialer Belaaschtung, soll d'Grënnungskultur gestäerkt an d'Schafung vun Aarbechtsplazen encouragéiert ginn. Gläichzäiteg droen administrativ Vereinfachungen, wéi eng provisoresch Aktivitéit vum private Wunnsëtz aus ënner kloer definéierte Konditiounen, dozou bäi, d'Entréesbarrièren ze reduzéieren an d'Liquiditéit an der Startphas ze schützen.

D'Moderniséierung vun digitale Verwaltungsservicer an d'Integratioun vu kënschtlecher Intelligenz, soll d'Effizienz, d'Transparenz an d'Geschwindegkeet vun administrative Prozedure wesentlech verbesseren. Parallel dozou ass et néideg, d'entrepreneuriellt Denken am ëffentlechen Enseignement ze verankeren an d'Offer vu bestehende Strukturen, wéi dem House of Entrepreneurship, méi visibel ze maachen.

Dës Moossname bilden zesummen e kohärente Reformpak, deen Entrepreneuriat net nëmmen erliichtert, mee strategesch als Pilier vun der wirtschaftlecher Entwécklung an der Zukunftsfäegkeet vum Land positionéiert.

Propositiounen

Fiskal a sozial Attraktivitéit

- De **Statut vum Independant soll méi attraktiv gestalt ginn eléi dee vum Salariat,** well och de Risiko, d'Eegeninitiativ a wirtschaftlech Verantwortung mussen a sollen och steierlech a sozialversécherungstechnesch belount ginn. De Statut vum Independant soll dofir bewosst méi attraktiv ausgestallt ginn eléi dee vum Salariat, duerch méi flexibel Cotisatiounsmodeller, eng méi favorabel Besteierung an eng besser Ofsécherung géint unternehmeresch Risiken. Dat géif Innovatioun, Selbstännegkeet an Aarbechtsplazschafung nohalteg a mëttel- bis laangfristeg förderen.
- Dofir fuerdere mir fir d'Entrepreneuriat ze stäerken an d'wirtschaftlech Aktivitéit ze förderen, dass déi allgemeng Steierbelaaschtung an zumools d'Sozialbeiträg un d'Sécurité social fir Independant'en erofgesat soll ginn. Esou eng Moossnam erhéicht d'Nettoakommes vun de Betraffenen, kann Investitiounen an d'Schafung vun Aarbechtsplazen encouragéieren an d'Kompetitivitéit verbesseren. Mir sinn der Iwwerzeegung, dass déi feelend Recetten am Staatsbudget laangfristeg duerch méi staarke Wirtschaftswuesstem ausgeglach wäerten ginn. Dozou kéint een hei de Minimum Net Wealth Tax fir Start-ups ebenfalls ofschafen, well déi aktuell Minimum Net Wealth Tax stellt mat hire fixe Joreskäschte vu 535 € eng disproportionell an schlicht onnéideg Belaaschtung fir kleng a jonk Entreprisen duer, besonnesch an de fréie Phasen, an deenen nach keng oder just minimal Recettë generéiert ginn. Eng Ofschafung vun dëser Steier fir Start-ups géif net nëmmen d'Liquiditéit verbesseren, mee och e kloert Signal setzen, datt den Entreprenariat net penaliséiert, mee aktiv dobäi gefërdert gëtt. Och déi sougenannten Employee Stock Ownership Plans (ESOP-Modeller) sinn e wichtegt Instrument, fir Talenter un Entreprisen ze bannen an eng laangfristeg Wäertschafung ze encouragéieren a soumat konsequent gefërdert ginn. De gesetzlechen a steierleche Kader soll dofir esou ausgestallt ginn, datt ESOP-Modeller maximal attraktiv a praktesch ëmsetzbar sinn, besonnesch fir Start-ups an innovativ Betriber, déi net ëmmer mat héije Salairë konkurréiere kënnen.

Administrativ Vereinfachung & KI-Integratioun

- Eng **pragmatesch Léisung fir d'Adresséiere vun Entreprisë** besteet doran, datt d'Obligatioun, eng separat kommerziell Adress ze hunn, net als strukturell Barrière fir Grënnungen däerf wierken. Besonnesch an der Startphase besetze vill Grënner net iwwer déi néideg Liquiditéiten, fir direkt e gewerbleche Siège unzemellen an déi domat verbonne Fixkäschten ze droen. Ënner kloer definéierte juristeschen a fiskale Konditiounen, wéi enger limitéierter Dauer, enger transparenter Deklaratioun an dem Respektéiere vun de kommunale Reglementer, soll et dofir méiglech sinn, eng Entreprise provisoresch um private

Wunnsëtz unzemellen. Konkret kéint virgesi ginn, datt Start-ups a kleng Betriber am éischte Joer no hirer Grënnung net verflicht sinn, eng separat kommerziell Adress ze hunn, mee hir Aktivitéit vun hirem private Wunnsëtz ausüben ze däerfen. Sou kéint eng activité commerciale an engem immeuble résidentiel ausgeübt ginn, an dat bis zu engem Joer an mat enger Limitatioun bis zu engem Chiffre d'affaires vun 250.000 €. Dës Iwwergangsléisung géif d'Entréeskäschten däitlech reduzéieren, de Risiko fir d'Grënner vun sou Entreprisë minimiséieren an d'Entrepreneuriat stäerken, ouni déi laangfristeg Struktur vum Handels- a Gesellschaftsrecht a Fro ze stellen. No dëser initialer Phase kéint dann eng regulär kommerziell Adress obligatoresch ginn, fir Rechtssécherheet a Gläichbehandlung am Wirtschaftsverkéier ze garantéieren.

- De **Guichet.lu als zentral, intelligent Plattform soll weider ausgebaut ginn,** d.h. vereinfacht a moderniséiert ginn, mat engem klore Fokus op Usability, Geschwindegkeet a voll digital Prozeduren. Eis sinn déi aktuell Efforten hei bewosst. Am Mëttelpunkt steet dobäi den gezielten Asaz vu kënschtlecher Intelligenz. En intelligenten AI-Chatbot, integréiert an d'Plattform, kéint administrativ Froe 24/7 beäntweren, personaliséiert Informatiounen ubidden an d'Benotzer duerch komplex Prozedure guidéieren. Mat Hëllef vu Natural Language Processing kéint de System individuell Situatioune verstoen an kontextbezunnen Äntwerte liwweren, amplaz nëmmen statesch Informatiounen unzebidden. Zousätzlech kéinten AI-Algorithmen Demanden viranalyséieren, Feelermeldungen automatesch identifizéieren an d'Dossieren un déi zoustänneg Servicer virselektéieren, wat d'Effizienz an d'Geschwindegkeet an der Verwaltung wesentlech erhéicht. D'Zil ass kloer: alles esou einfach, séier a digital wéi méiglech. Déi digital Welt verännert sech all Dag a mir musse mat Zäiten op den Zuch opsprangen.

Bildung an Zukunftstechnologien

- Den **Entrepreneuriat am Enseignement public verankeren,** wou dat **entrepreneuriellt** Denke méi staark Bestanddeel vum ëffentlechen Enseignement soll ginn. Projetbaséiert Léierformen, déi Kreativitéit, Verantwortung, Teamaarbecht a wirtschaftlecht Grondverständnis förderen, dobäi soll Jonker besser op d'Realitéite vun enger dynamescher Wirtschaft virbereet ginn, egal ob si spéider eng Firma grënne wëllen oder net. Des weideren sollen et weider Hëllefsstellunge fir Leit ginn, déi amgaang sinn sech selbstänneg ze maachen. Hei muss dat ganzt méi gefërdert ginn, andeems ee jonke Leit weist ob wat ee beim Erstellen vun engem Businessplang oppasse muss/soll. Hei ass et och förderlech wann een d'Offere vum "House of Entrepreneurship" méi staark an der Ëffentlechkeet promouvéiere géing, fir sou och den Entreprenariat zu Lëtzebuerg ze stäerken. Si bidde scho ganz vill Méiglechkeet un, mee dëst si beim Public nach net sou bekannt. Eng verstäerkt Marketingstrategie wier schonn een éischten Usaz deen hei geleescht kéint ginn.

Conclusion

Dës Resolutioun steet fir eng kloer Visioun: Lëtzebuerg soll e Land sinn, an deem Entrepreneuriat net als administrativ Belaaschtung, mee als gesellschaftleche Mehrwert ugesi gëtt. Duerch Vertrauen, Vereinfachung an eng liberal Approche zu Innovatioun a Risiko kann de Standuert seng wirtschaftlech Dynamik stäerken, nei Aarbechtsplaze schafen an sech laangfristeg als Hotspot fir Start-ups an Zukunftstechnologien positionéieren.